ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chamberreglement) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun den Impfstoffer géint de Corona-Virus gëtt et eng ganz Rei vun nach oppene Froen. Eng dovun sinn d'Conditiounen an d'Emstänn déi zu där ganz séierer Zouloossung vun Impfstoffer geféiert hunn.

An enger «Opinion» an deem renomméierte "British Medical Journal" huet elo de Professer Peter Doshi Zweiwel un der Effikassitéit vun deenen aktuell zougeloossenen Impfstoffer ugemellt. Seng Haaptkritik geet awer drëm, datt d'"Raw Data" vun den Zouloossungstester an der Pharmaindustrie net fir all Autoritéten a Wëssenschaftler zougänglech sinn. Duerfir wéilt ech der Madamm Minister dës Fro stellen:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung bereet, sech bei der EU-Kommissioun duerfir anzesetzen, datt d'Pharmaindustrie dëst réit Datematerial vun den Tester vu Corona-Impfstoffer all interesséierte Wëssenschaftler a besonnesch och der EMA an der EU-Kommissioun komplett a kuerzfristeg muss zougänglech maachen?
2. Sollt d'EMA net ausdrécklech invitéiert ginn, ier déi provosoresch Zouloossung, déi bis elo fir just ee Joer gi gouf, fir déi Réidaten genee ze analyséieren, ier si eng nei Recommandatioun am Bezuch op eng eventuell Verlängerung vun der Zoulossung un d'EU-Kommissioun mécht?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten